N° 6541
Entrée le 25.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.07.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 23. Juli 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Zanter méi wéi enger Woch fënnt am Käerjenger „Bobësch" ënnert dem Slogan „BobiBleift" eng sougenannt Bëschbesetzung statt, déi souguer vun den anonymme Manifestante selwer, sou ze héieren an engem RTL-Reportage vum 23. Juli 2022, als illegal bezeechent gëtt.

Obwuel d'Aktioun an engem Naturschutzgebitt stattfënnt, besteet fir d'Naturverwaltung „bis elo nach keen Handlungsbedarf", sou de Frank Wolff, Directeur adjoint vun der Naturverwaltung, zu der Besetzung am Bobësch zu Käerjeng laut enger weiderer RTL-Reportage vum 22. Juli. D'Naturverwaltung géif d'Saach just „am Aen halen". Soss hätt ee keng Verstéiss géint d'Naturschutzgesetz festgestallt. Méi nach: d'Naturverwaltung hätt am Fong vill Sympathie fir dat, „wat d'Aktiviste verdeedegen", sou de Frank Wolff laut RTL weider.

Dofir wéilte mir an deem Kontext folgend Froen un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung stellen:

1. Wéi gesäit d'Madamm Ministesch déi genannten Interpretatioun vum Naturschutzgesetz vun hirer eegener Verwaltung?

2. Hunn d'Aktivisten eng Autorisatioun beim Emwëltministère gefrot fir ze campéieren? Wann jo, wéi war d'Äntwert vum Ministère?

3. Wann neen, op wéi enger legaler Basis berout dem Ministère seng Schlussfolgerung, datt et duer geet, fir „d'Saach am Aen ze behalen"?

4. Op Grond vu wéi enger legaler Basis däerfen d'Aktivisten an engem Bësch, so souguer an engem Naturschutzgebitt campéieren, eng Kompost-Toilette an och Holz-Plattformen an de Beem opriichten?

5. Däerf an Zukunft jidderee wëll am Bësch an och an engem Naturschutzgebitt campéieren an eng sougenannte „Kompost-Toilette" oder och Holz-Plattforme mat Seeler an de Beem installéieren? Wa neen, firwat net?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

| | |
|---|---|
| **Martine Hansen** | **Michel Wolter** |
| **Deputéiert** | **Deputéierten** |

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6541 vum 26. Juli 2022 vun den éierewäerten Deputéierten Här Michel Wolter a Madamm Martine Hansen iwwert „Occupation de la forêt de Bobësch "**

D'Bëschbesetzung am Bobësch gëtt als Protestaktioun gesinn, als Manifestatioun zur Meenungsäusserung an domadder als Ausdrock vun der *„liberté de manifester ses opinions"*, wéi se am Artikel 24 vun der Constitutioun verankert ass.

D'Aktivisten hunn am Virfeld keng Autorisatioun beim Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable ugefrot. Et ass och net ersichtlech, ëm wéi en Typ vun Autorisatioun et sech dobäi hätt kënnen handelen. D'Protestaktioun am Bësch ass weder eng *„manifestation sportive"*, nach sinn *„instruments sonores"* benotzt ginn, nach ass déi Aktion als *„activité de loisir susceptible d'avoir une incidence sur l'environnement naturel* » ze gesinn.

Déi virsichteg Virgeeënsweis vun den Agenten vun der Natur- a Bëschverwaltung war an dësem Fall ugepasst a verhältnisméisseg.

Bei der Protestaktioun ass kee Schued um Oekosystem Bësch entstan.

Lëtzebuerg, den 19. August 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung